adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DEPUTES
Reçu le:
20 MAI 2011
1462

Här Laurent Mosar
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20 Mee 2011

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an den Här Justizminister weider ze leeden.

Am Moiesjournal vun RTL Radio, en 18. Mee, heut e Polizist deen zanter 8 Joer am Süden Déngscht mëscht dës Aussoe gemeet:

- *„Iwwerall do wou vill Leit sinn do ass natierlech d'Provokatioun bal op der Dagesuerdnung. Dat heescht, déi hu schonns den Optrëtt vun der Police net gären. An da geet iergendeppes gemeet dat d'Police sech provozéiert fillt an dann noutgedrongen och muss agräifen."*
- *„Wat mer maachen ass Verstäerkung ruffen, dat e Maximum vu Polizisten, datt et Maximum vu Patrouillen déi an der Géigend sinn a kënnen op d'Plaz kommen dann och kommen."*
- *„Dat ass de Problem datt déi Jugendlech déi mer am Moment hunn, direkt oder ganz séier zu Gewalt iwwergräifen. Deenen ass dat och egal, wa mä soe besser dir packt iech soss muss der matgeholl ginn oder mer mussen e Protokoll schreiwen. Da kréie mer geäntwert, dat ass eis egal."*

Am Reportage gëtt geklot, a muencher Situatioun wär näischt ze maachen. „Wann si zu 14 Leit géint 30 Mann misste virgoen, da wier et heiansdo besser dat eegent Wuel iwwert d'Gesetz ze stellen.." konstatéiert d'Journalistin. Weider huet si och nach bemierkt „dëse Leit wär et esou lues egal op d'Polizisten op der Plaz wieren, haaptsächlech bei de Jugendlecher géng opfalen datt si sech séier wéineg gi këmmeren".

Dës direkt Aussoe vum Polizist genau wéi d'Conclusioune vun der Journalistin deiten drop hin datt et zu Lëtzebuerg rechtsfräi Zonë gëtt, e Phenomen deen ee leider, zum Beispill, aus Amerika a, méi no bei ons, aus Frankräich kennt. Och vill Bierger schwätzen ons regelméisseg op de Sujet un.

Dowéinst wéilt ech den Här Inneminister an den Här Justizminister froen:

1) *Op wat fir Plazen am Land ass de Phenomen deen hei beschriwwe gëtt besonnesch heefeg ze fannen?*

2) *Wéi setzen déi Gruppe vu Jugendlecher, déi hei beschriwwe ginn, sech zesummen ? Wat ass hire sozialen Hannergrond ? Gëtt et Gruppen déi méi oder wéineger aus de Jugendlecher vun enger bestëmmter nationaler Hierkunft rekrutéieren ? Gëtt et Gruppen déi iwwert d'Grenz kommen, fir z.B. op Fester an an Diskothéiken negativ opzefalen?*

3) *Huet d'Regierung wëlles, esou schnell wéi méiglech a mat ganz konkrete Moossname géint de Phenomen vun esou rechtsfräien Zonen virzegoen ? Wa jo, wat sinn déi Moossnamen a wéi ginn se ëmgesat ?*

4) *Kann eng vun deene Moossnamen dora bestoen, datt eng Reservinterventiounsgrupp geschaf gëtt, déi et erlaabt besonnesch an deene kriteschen Zäiten wéi um Weekend efficace anzegräifen?*

5) *Sinn d'Ministeren der Meenung datt déi aktuell Legislatioun duergeet fir Polizisten – an aner Persounen déi eng Autoritéit duerstelle wéi zum Beispill d'Kontrolleren an den Zich oder d'Chauffeure vun ëffentleche Buslinnen – genügend Schutz bitt? Wann neen, a wellechem Zäitraum wëllt d'Regierung der Chamber e Projet virleeë fir dës Situatioun ze verbesseren?*

6) *Am Fall wou Jugendlecher dann awer bei esou Faite vun der Police festgeholl ginn, ass de Suivi vun der Justiz dann esou dat een vun enger echter Dissuasioun kann ausgoen an d'Police sech net eleng gelooss fillt ?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Député